1) ***Allgemeng Infoen:***

- **Ëffnungszäiten:**

Méindes, mëttwochs a freides : Vun 9.00h bis 14.00h oder op Rendez-vous.

D'Bibliothéik ass do fir ze liesen, ze schaffen, awer och ze "chillen" a roueg ze sinn. An engem gemültleche Kader, mat Fotellen a Fatboyen, kann een sech et hei gutt goe loossen. Jiddereen ass ëmmer häerzlech wëllkomm!

- **I-Paden:**

Vun dësem Schouljoer un, sinn och 6 I-paden an der Bibliothéik, déi de Schüler zur Verfügung gestallt kënne ginn.

2) ***Agenda:***

D'Bibliothéik vum LN soll ee ***Point de rencontre*** fir all Schüler sinn. Dofir sinn iwwert d'Joer puer interessant **Aktivitéite** geplangt:

Januar/Februar	Manga-Atelier mat der Mangaka Sabrina Kaufmann
2.Trimester	Liesnuecht
Enn Abrëll	Virliesconcours
Iwwert d'ganzt Schouljoer	Hëllef fir eng Oralpresentatioun*
Iwwert d'ganzt Schouljoer	Virliesen**

* D'Schüler kënnen an der Bibliothéik puer wäertvoll Tippe kréien, op wat ee bei enger Oralpresentatioun oppasse soll.

**Fir déi interesséiert Klassen ginn, no Wonsch a Bedarf, Virliesungen ungebueden.